



Äntwert vun der Kulturministesch Sam Tanson op d'parlamentaresch Fro n° 6429 vum 30. Juni 2022 vum Här Deputéierte Fred Keup

Et ass virop wichteg z'ënnersträichen, datt kreatiiv a kënstleresch Schafen ni fir näischt ass, an datt all kreativen a kënstleresche Prozess selwer eng Valeur huet, och wann e Projet am Endeffekt eventuell net realiséiert oder an engem anere Kader oder ënnert enger anerer Form realiséiert gëtt. Et ass deemno och evident, datt e Selektiounsprozess am Kader vun engem Appel à projets net doranner besteet, fir eng kreativ oder kënstleresch Demarche ze devalidéieren, mee fir ze bewäerten, ob déi virgeschloe Projete mat de Krittäre vum Appel iwwerteneestënnen, respektiv wéi eng Projeten dës Krittären am beschten ëmsetzen.

Am Kader vum Appel à projets fir Esch2022 waren dës Krittären an engem Dokument „Guidelines“ detailléiert ginn, en Dokument wat de potentielle Projetspartner ier en e Projet agereecht huet, konnt ob der Plattform consultéieren. Dës Krittäre goufen opgrond vun der spezifescher Zilsetzung vun Esch2022 definéiert an hunn och dat erëmgeholl, wat d'EU mat der Aktioun “Capitales européennes de la Culture” bezweckt. Dat ass och dat, wat den interinstitutionnelle Gremium an uecht geholl huet, deen als Aufgab huet, de Virbereedungsprozess vun all Kulturhauptstad berodend ze begleeden.

Op Basis vun deene Krittären huet e Comité de lecture all Projet analyséiert. Dëse Comité bestoung aus 11 Leit, déi verschidden Domainer a Kompetenzen ofgedeckt hunn, woubäi all Member vum Comité sech jee no Kompetenzberäich op präzis Krittäre konzentréiert huet. Esou gouf all Projet aus verschiddene Bléckwénkel gepréift fir sech op eng Recommandatioun ze eenegen.

Mat deem am Hannerkapp ergi sech folgend Äntwerten op déi gestallte Froen:

1. Iwwerdeems et dem Verwaltungsrot vun Esch2022 seng Entscheedung ass fir Projetslëschten ze verëffentlechen oder net, sief drun erënnert, datt et net onüblech ass fir ofgeleente Projeten net ze publizéieren, ënnert anerem fir dës net an anere Kontexter ze prejudiciéieren. Et géif sech och d'Fro stellen, wat mat där Informatioun bezweckt gi soll, respektiv awéifern esou eng Lëscht iwwerhaupt aussokräfteg wier.
2. All d'Membere vum Verwaltungsrot vun Esch2022 kruten d'Lëscht vu sämtleche Projeten, déi bei Esch2022 eragereecht goufen.
3. Wéi uewen erkläert, gouf all Projet opgrond vu geneeë Krittären evaluéiert. D'Projeten déi dës Krittäre net oder net genuch erfëllt hunn, konnte net vum Verwaltungsrot zrëckbehale ginn. Ze bemierke bleift, datt all Partner vun Esch2022 eng argumentéiert Ofso kritt huet

Lëtzebuerg, den 21. Juli 2022.

D'Kulturministesch

(s.) Sam Tanson